



## Comité FLERA 15 Mee 2013

Do: Romain R.; Joo Ja L.; Manette O.; Lars M.; Jacques L.; Eugène B.; Claude W.,  
Entschëllegt: Gilbert Sch.; Jacques L.:

1) Leschten rapport ugeholl

2) Courrier: -Bréif un BKL an SCL ass geschriwen an hir demissioun ugeholl ewéi och deen un den Steeseler Buurgemeeschter fir en rideau ze maachen dat Basket an Klammen sech net méi stéeren  
-KSE President huet geschriwwen eng plage horaire fir team compétition jeunes ze kréien fir an t'coque/Präfeerenz Dë od Do;

-Aus der Coque dann 3délaiën: bis den 24Mee Prioritéit fir manifestatiounen  
bis den 14Juni muss alles era sin-Compétioundaten  
bis den 12Juli eng Löscht fir Training

-Cotisation un UIAA nom Bréifwiessel mat der Mme Agnès Semelet kruten mer geschriwwen/mail dat den Minimum 1300CHF(ee guudde Batz manner ewéi di aanere Joeren) an den Lars iwwerweist dann elo déi Somme op Genf

3) Kommissioun compétition huet sech getraff-Joo Ja mecht de Punkt:(memberen aus KSE/KKH/GAL/VSL/EAS); Klib goufen ugeschriwwen an si haten 2 interessant Reuniounen Par apport zum leschten Joer sinn e puer Erneierungen, notamment dat een team official designéiert get an deen eng offiziell IFSC-Lizenz als solchen iwwert FLERA ugefroot kritt; dann ass eng Propose vun der Kommissioun t'Selektiounscritären op 12 an net ewéi mer d'lescht Joer aus gudden Grönn all décidéiert haten op 24 Méint-Propose gouf net unanim awer majoritär ugeholl; Pol Z. a Melina erföllen Kritären wëllen awer net an NK(Nationalkader); Aurélie an Leandro Brouschert; Louis Dahm, Julian Albrecht, Anselm Geimer(opgeholl, no un den Kritären), Joe Weber ass den neien NK 2013; den Eugène schreiw hinnen een offiziellen Bréif, fir déi Jonk ze félicitéieren an encouragéieren; am Comité ass dann elo décidéiert ginn dat EM zu IMST obligatoresch ass(26-28.Juli) soss sinn nach 3 Compétiounen zur Wiel 15-18 August den Highlight WM am Canada, an oder eventuell EYC wouvunn et der dëst Joer just zu Edinburgh(8-9 Juni) an Ufank September zu Stavanger(N) gëtt—déi concernéiert Sportler ginn vun der Kommissioun informéiert; den Eugène schreiw déi noutwendeg Lizenzen;

4) Nationaltrainer: den Comité kann sech mat den Oueren zéien dëst Joer nach méi spéit ewéi d'lescht Joer no engem Trainer fir den NK ze sichen—Proposen fran4ois vun Arel deen awer net via d'escala kann bezuelt ginn-Tom Dieschbourg(Froolech op déi noutwendeg Diplomer huet??)-Volker Winter?-Stephane Muyltermans?dës Leit ginn gefroot a mier bestëmmen di nächst Reunioun//Eugène freet nom bezuelen vun Trainerfrais/Ministär-esou een Trainer muss dann 1x/Woch Training an der Coque ofhaalen an 2 Stagen organiséieren; et ass héich Zait!!

5) BKL Cotisatiounen net bezuelt 2011+2012; Lars brauch do fir Memberszuel fir auszerechnen;

6) Nächsten Comité as imperativ virum 14Juni date limite fir Compétiounen an der Coque unzefroen---Claude ass gang éier dësen Datum festgesaat gouf—